# Par Parc Our Saint-Nicolas

# Päischten – Pentecôte



*Foto: Michael Tillmann*

Parbréif Nr 4/2026

23. Mee – 12. Juli 2026

# Matdeelungen

## ***Parbüro*** *– kuerz Notiz:*

Eise Parbüro zu Veianen ass fir déi nächst Méint wéinst deem grousse Chantier op der Plaz virdru ganz schwéier zougänglech. Dir hutt besser ze telefonéieren oder är Uleies per Mail op parc-our@cathol-lu ze schreiwen. Vum 25. Mee – 29. Mee 2026 ass eise Parbüro zu de Büroszäiten net besat.

## ***KonschTour zu Veianen op Päischten,*** *de 24. – 25. Mee 2026*

Bei dësem 2-Deeg Multi-Art Event maache lokal Kënschtler hir Atelieren op. Eidel Lokaler, Kierchen a privat Raim gi fir zwee Deeg Konschtgaleriё.

Am Joer 2026 hëlt d'Kammerata Luxembourg erëm um Konschtour deel, den vun ViArt asbl organiséiert gëtt.

D'Museker ginn e puer Concerten um Nomëtten vum 24. an 25. Mee 2026 an der Nikloskierch zu Vianden.

All **Concert** dauert 30 Minutten a fënnt zu de folgende Zäiten statt:

**14:00 Auer, 15:00 Auer, 16:30 Auer, 17:30 Auer**

**Programm:** Eng Auswiel vu Wierker fir Gei a Cimbalon

## ***Weekend vun den oppene Kierchen 2026*** *de 6. a 7. Juni 2026*

De 6. a 7. Juni 2026 ass rëm de Weekend vun den oppene Kierchen zu Lëtzebuerg. Duerch d'ganzt Land bedeelegen sech 68 oppe Kierchen, déi Plaze vun der Erënnerung sinn. Mat Konferenzen, Ausstellungen, Concerten, Visitt guidéeën, etc…

Méi Infoe fannt Dir op: www.oppekierchen.lu.

## ***Härläichepressessioun*** *Sonndes, de 7. Juni 2026 zu Veianen*

No der Sonndesmass um 10:00 Auer de 7. Juni 2026 an der Trinitarierkierch ass déi traditionell Härläichepressessioun zu Veianen.

Jiddereen ass häerzlech invitéiert fir matzegoen.

Mir soen de „Fraen a Mammen Yolande“, vu Veianen an all dee Léit, déi d‘Altär opriichten a wonnerschéi Blummenteppecher leeën, an och der Veiner Musik en häerzleche Merci.

## ***Concert zu Housen am Centre Culturel***
*Sonndes, de 21. Juni 2026*

E Sonndeg de 21. Juni 2026 um 17 Auer spillt d’Harmonie Municipale vu Housen zesummen mam Jugendensemble e Concert am Centre Culturel.

## ***Porte Ouverte vun de Veiner Fraen a Mammen Yolande***
*Donneschdeg, de 25. Juni 2026*

En Donneschdeg, de 25. Juni 2026, invitéieren Iech d’Fraen a Mammen Yolande vu Veianen ab 16:00 Auer op hir Porte Ouverte am ale Pompjeesbau op der Gare.


Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt.

Umeldung ënner 691 84 93 98 bis den 21. Juni 2026

## ***Firmung zu Veianen***
*Freideg, den 3. Juli 2026 um 19:00 Auer*

E Freideg, den 3. Juli 2026 um 19:00 Auer spent de Kardinol Jean-Claude Hollerich 25 Jugendlechen an Erwuessenen an der Trinitarierkierch zu Veianen d’Sakrament der Firmung. D'Mass steet ënnert dem Thema: „Vous recevrez la force du Saint-Esprit et vous serez mes témoins.“

Duerno ass eng kleng Receptioun an der Kierch.



Der **Geist der Wahrheit** hatte es schon zu Jesu Zeiten schwer, doch heute geht es ihm „an den Kragen“. Viele beanspruchen ihre eigene Wahrheit und sogenannte „Alternative Fakten“ haben Hochkonkunktur.

*Peter Heidutzek*

## *Danksagungsmass fir den 30. Hochzäitsdag*
*vum Aneta a Marcin Wierzbicki zu Veianen*

De 5. Juli 2026 um 10:30 Auer féiere mir eisen 30. Hochzäitsdag an der Mass wou mir dem Härgott Merci soe fir d'Geschenk vun eisem gemeinsame Liewen, eiser Léift an eiser Famill.

Mir wëllen dësen Anniversaire mat eiser Famill an eise lëtzebuergesche Frënn an enger Atmosphär vu Gebiet, Dankbarkeet a Freed, fir d'Joren déi mir zesumme verbruecht hu, feieren.

Aneta a Marcin Wierzbicki

## *Concert vun AD LIBITUM „An Evening Hymm"*
*Sonndes, de 5. Juli 2026 zu Veianen an der Trinitarierkierch*

E Sonndeg de 05. Juli 2026 ëm 16 Auer fënnt an der Trinitarierkierch zu Veianen e Concert mam Ensemble AD LIBITUM statt. D'Sopranistin Valerie Stammet sengt Arien aus dem 17. an 18. Joerhonnert.

D'Entrée ass fräi.

## *Concert zu Bëttel op der Gare*
*Mëttwoch, den 08. Juli 2026*

E Mëttwoch den 08. Juli 2026 um 20 Auer spillt d'Baastenduerfer Musik e Concert zu Bëttel op der Gare.



Ein Selfie von Jesus und seinen Jüngern. Ein Bild, hergestellt mit Künstlicher Intelligenz. Vielleicht, weil kein Mensch auf die abwegige Idee käme, Jesus würde von sich ein Selfie machen. Nachfolge verträgt sich nicht mit Eitelkeit. Wer sich selbst über alle Maßen bewundert und liebt, ist noch nicht bereit, sein Kreuz auf sich zu nehmen.



## *Familljemass als Ofschloss vum Katecheesjoer 2025/26*

*Samschdeg, den 11. Juli 2026 zu Baastenduerf*

Als Ofschloss vum Katecheesejoer 2025/26 ass Samschdeg de 11. Juli 2026 um 18:00 Auer eng Familljemass zu Baastenduerf an der Kierch.

## *Aschreiwung fir d'Katecheesjoer 2026/27*

Vum 15. Juni 2026 un ass et méiglech Är Kanner fir d'nächst Joer Katechees unzemellen. Wann Dir d'Formulaire net an der Schoul ausgedeelt kritt, kennt Dir Är Kanner och am Parbüro ënnert ***cate.parc-our@cathol.lu*** umellen.

D'Formulaire ass ab dem 15. Juni 2026 online op eiser Internetsäit:

***https://web.cathol.lu/1/paroisses/par-parc-our-saint-nicolas/***

ënnert der Rubrik „Catéchèse en paroisse" online.



**Pfingsten** ist kein Ereignis der spirituellen Erbauung. Mit der Gabe der Kraft aus der Höhe beginnt ein Wandel. Wie bei den Jünger/-innen, vollzieht sich dieser zunächst in mir selbst. Doch dabei kann es nicht bleiben. Wenn Jesu Gefolgschaft an diesem ersten Pfingsttag unter sich geblieben wäre, dann säßen wir heute nicht in der Kirche. Sie teilten, was sie nicht für sich behalten konnten. Die ersten christlichen Gemeinden haben das ernst genommen. Sie teilten, was sie hatten. Sie sorgten dafür, dass niemand Mangel litt. War das perfekt? Nein. War das ein Anfang? Ja.

# Gottesdéngschtuerdnung

## Päischten – Pentecôte – A

*1. Lies.: Apg 2, 1-11; 2.Lies.: 1 Kor 12, 3b-7.12-13; Ev.: Joh 20, 19-23*

***« Fridde sief mat iech ! Wéi mech de Papp geschéckt huet,***
***esou schécken ech iech. »*** *(Joh 20,21)*

Loosse mir eist Häerz wäit opmaachen fir déi grouss Gow vum Hellege Geescht, deen äis erneiert an eis zu eiser Missioun am Jesus senger Nofolleg undreift. Loosse mir dem Herrgott merci soen, dat hien äis a säin Wierker an der Welt mat abezitt an äis dozou seng Kraaft gëtt. Deem operstanene Jesus seng éischt Wierder am Johannesevangelium si Wierder vum Fridden a vum Verzeien. Esou gëtt d'Kierch opgebaut als eng echt Gemeinschaft vu ville Sproochen a Kulturen, wou een deen anere versteet an een fir deen aneren do ass a wou d'Konflikter am Dialog an an der Verséinung fair a gerecht geléist ginn.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 23.05.2026** | | |
| Baastenduerf | 18:00 | **Familljemass** |
| **Sonndeg, 24.05.2026** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir d'Famill Lipperts-Rohen |
| Houschent | 09:15 | Mass als Joermass fir Clemi a Marie Kaes-Jans,<br>Mass fir Marcel a Anna Wagener-Richartz<br>a fir Ady a Josette Odem-Konen |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir Metti Liefgen |
| **Méindeg, 25.05.2026** | | **Maria,** *Mutter der Kirche* |
| Eesbech | 10:00 | Mass |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 26.05.2026** | | **Heiliger Philipp Neri,**<br>*Priester, Gründer des Oratoriums (+ 1595)* |
| Iechternach | | **Sprangprëssessioun** |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch, 27.05.2026** | | **Heiliger Augustinus,** *Bischof von Canterbury, Glaubensbote in England (um 605)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Felix Eischen,<br>Mass fir Abbé Jos Sauber |
| **Donneschdeg, 28.05.2026** | | **Jesus Christus Ewiger Hohepriester** |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Freideg, 29.05.2026** | | **Heiliger Paul VI.,** *Papst (1897-1978)* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |

## Dräifaltegkeetssonndeg – La Sainte Trinité – A

**Kiermes zu Housen, Konstem, Waalsdref a Veianen**

*1. Lies:. Ex 34, 4b.5.-6.8-9:; 2.Lies.: 2 Kor 13, 11-13; Ev.: Joh 3, 16-18*

***D'Gnod vu Jesus Christus, dem Här, d'Léift vu Gott an d'Gemeinschaft vum Hellege Geescht solle mat iech all sinn !*** *(2 Kor 13,13)*

Den hellege Paulus schléisst säin 2. Korintherbréif mat engem Seegenswonsch vum dräifaltege Gott of. Dëse Seegen ass och an de Ritus vum Ufank vun der Mass agaangen. E faasst eise ganze Glawen zesummen. Den Herrgott ass Léift. An déi Léift fir eis Mënschen ass esou grouss, dass hien säi Jong an d'Welt geschéckt huet, fir äis vun däser Léift ze schwätzen an äis se ze weisen, bis zu sengem Doud um Kräiz an zu senger Operstéiung. Gott ass eng Gemeinschaft, wéi eng Famill, déi rondrem den Dësch versammelt ass, wou d'Liewe mateneen gedeelt gëtt. An den Hellege Geescht hëllt äis an déi Presenz, déi matfillt an zärtlech ass, mat eran. Dat geschitt besonnech an der helleger Mass, beim Altoerdësch, wou de Jesus sech sengem Papp schenkt fir äis. Ëmmer, wa mir d'Zeeche vum Kräiz maachen, gi mir drun erënnert, wéi gär den Herrgott äis huet an datt hien äis ni am Stach léisst. Gläichzäiteg gi mir drun erënnert, datt mir dee Gott vun der Léift solle mat eisem Liewe bezeien, andeems mir rondrem äis Gemeinschaft a sengem Numm stëften. Loosse mir eis Dier fir jiddereen ophalen a jidderengem d'Molzecht vun der Verzeiung a vun der Freed vum Evangelium ubidden.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 30.05.2026** | | |
| Konstem | 18:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung* |

| | | |
|---|---|---|
| Waalsdref | 18:00 | **Kiermesmass** |
| Branebuerg | 19:00 | Mass |
| **Sonndeg, 31.05.2026** | | |
| Mierschent | 09:00 | Mass als 4. Joermass fir Fred Urhausen an fir d'Familljen Urhausen-Molitor a Heischbourg-Nosbusch, Mass als 20. Joermass fir Hubert Junker an déi Verstuerwen vun der Famill |
| Housen | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung* |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | **Kiermesmass**, *gesonge vun der Chorale vu Furen* |
| **Méindeg 01.06.2026** | | **Heiliger Justin,** *Philosoph, Märtyrer (um 165)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass fir d'Famill Braun-Schlentz |
| **Dënsdeg, 02.06.2026** | | **Heiliger Marcellinus und heiliger Petrus,** *Märtyrer in Rom (+ 303)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Mëttwoch, 03.06.2026** | | **Heiliger Karl Lwanga und Gefährten,** *Märtyrer in Uganda (+ 1886)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Donneschdeg, 04.06.2026** | | |
| Eesbech | 18:30 | Mass mat Prëssessioun op Fronleichnam, *RDV ass an der Kierch zu Ënnereesbech,* Mass fir Helmut Paquet |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Freideg, 05.06.2026** | | **Heiliger Bonifatius,** *Bischof, Glaubensbote in Deutschland, Märtyrer (+ 754)* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |

## Héichfest vum Läif a vum Blutt vu Christus – A
## Erläichendag – Fête Dieu

*1. Lies.: Dtn 8,2-3.14-16a; 2.Lies. : 1Kor 10,16-17 Ev.: Joh 6,51-58*

***« Wie mäi Fleesch ësst a mäi Blutt drénkt, deen huet éiwegt Liewen an ech loossen hien operstoen op Jéngsterdag »** (Joh 6,54)*

Zum Schluss vu senger laanger Broutried am Johannesevangelium betount de Jesus, wéi wichteg et ass, hien an der Kommioun ze empfänken, fir mat him verbonnen ze sinn an um éiwege Liewen deelzehunn. Säi Fleesch ass wierklech fir ze iessen, jo dat Iessen fir Läif a Séil, op dat et ukënnt. Loosse mir dem Jesus vun Häerze merci soen fir dat grousst Geschenk vu senger Léift, dat hien äis hannerlooss huet. Loosse mir et an engem feste Glawen u seng Presenz, seng Léift an un dat éiwegt Liewen emfänken. Loosse mir och no baussen déi lieweg Gemeinschaft bezeien, déi dat liewegt Brout vum Himmel ënnert äis stëft.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 06.06.2026** | | **Heiliger Norbert von Xanten,** *Ordensgründer, Bischof von Magdeburg (+ 1134)* |
| Baastenduerf | 19:00 | Mass |
| **Sonndeg, 07.06.2026** | | |
| Houschent | 09:15 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:00 | Houmass, uschléissend Härläicheprëssessioun |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** *(Coiffeurssalon bei der Kierch)* |
| **Méindeg, 08.06.2026** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 09.06.2026** | | **Heiliger Ephräm der Syrer,** *Diakon, Kirchenlehrer (+ 373)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir Marie-Madeleine a Metty Weyrich |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |

**Mëttwoch, 10.06.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:00 | Mass |
| Bëttel | 19:00 | Mass als 1. Joermass fir Alphonse Pütz |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |

**Donneschdeg, 11.06.2026 Heiliger Barnabas,** *Apostel*

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| Longsdref | 19:00 | Mass fir Hélène Bomann-Faust,<br>Mass fir Jean-Pierre Theis |

**Freideg, 12.06.2026 Heiligstes Herz Jesu**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |

## 11. Sonndeg am Joreskrees – A

***Kollekte: « Für die Kirchen in Osteuropa. »***

*1. Lies.: Ex 19, 2-6a; 2.Lies.: Röm 5, 6-11; Ev.:; Ev.: Mt 9, 36 - 10, 8*

***« Verkënnegt ënnerwee : 'D'Himmelräich ass um Kommen !' Heelt Kranker, erwächt Doudeger, rengegt Aussätzeger, dreift Dämonen aus ! Fir näischt hutt dir kritt, fir näischt sollt dir ginn ! » (Mt 10,7-8)***

Wéi de Jesus seng 12 Apostelen eraus bei d'Mënsche schéckt, freet hien si, virun allem eppes ze verkënnegen: d'Himmelräich ass um Kommen ! Mat derselwechter Ukënnegung huet hien selwer seng Priedegt ugefaangen: dem Herrgott säi Räich, d'Herrschaft vun der Léift, ass äis nokomm, jo ass matten ënnert äis. Dat ass net eng Noricht ënnert aneren, et ass déi fundamental Realitéit vun eisem Liewen: den Herrgott, de Jesus, sinn äis no. Mir sinn net eleng op der Welt an dofir verléiere mir och an de Schwieregkeeten de Courage an d'Vertrauen net. Den Herrgott ass eise Papp, deen äis kennt a gär huet. Hien hëlt äis mat der Hand, wann de Wee schwéier a geféierlech gëtt. Hien riicht äi nees op, wa mir falen. Hien verwandelt eist Häerz a schenkt äis Fridden a Freed. Dofir solle mir wéi d'Apostelen gratis Gesten vu Léift an Hoffnung setzen. Dat ass de Kär, d'Häerz vun eiser chrëschtlecher Verkënnegung: d'Bezeien vum Herrgott senger gratiser Léift duerch eisen Déngscht un deenen Aarmen an deene Kranken.

**Samschdeg, 13.06.2026 Unbeflecktes Herz Mariæ**

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 11:00 | **Daf** vum Noah Raths |
| Eesbech | 15:30 | **Daf** vum Charel Theis |

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| Wuelessen | 19:00 | Mass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famille Bock-Glesener,<br>Mass als 4. Joermass fir Antoine Coremans |
| Branebuerg | 19:00 | Mass fir Georgette a Ferdy Klein-Kayser<br>Mass als Stg. fir Jean Fonck a Anna Lentz |
| **Sonndeg, 14.06.2026** | | |
| Furen | 09:00 | Mass fir d'Famill Karier-Brücher-Peffer<br>a fir Nic Karier a Marie Mossong |
| Mierschent | 09:00 | Mass fir Fernand Schaeler<br>an d'Verstuerwe vun der Famill |
| Housen | 10:30 | Mass fir Jang Jager |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 15.06.2026** | | **Heiliger Vitus (Veit),**<br>*Märtyrer in Sizilien (um 304)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Dënsdeg, 16.06.2026** | | **Heiliger Benno,** *Bischof von Meißen (+ 1106)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 17.06.2026** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir alkohol- an drogenkrank<br>Mënschen an hir Familljen |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Donneschdeg, 18.06.2026** | | |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| Laaschent | 19:00 | Mass fir Margot a Jean-Pierre Weiler |

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

| | | |
|---|---|---|
| **Freideg, 19.06.2026** | | **Heiliger Romuald,**<br>*Abt, Ordensgründer (+ 1027)* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| Tandel | 19:00 | **Te Deum**<br>*mat musikalischem Encadrement vun der Baastenduerfer Musik a vum Sängerbond Helvetia. D'Heemecht gëtt gesonge mat Ënnerstëtzung vun de Kanner (Pavillon hannert der Maison Relais)* |

## 12. Sonndeg am Joreskrees – A

*1. Lies.: Jer 20, 10-13; 2.Lies.: Röm 5, 12 -15; Ev.: Mt 10, 26-33*

***« Bei Iech awer sinn esouguer d'Hoer um Kapp alleguer gezielt.***
***Fäert also net ! »*** *(Mt 10,30-31a)*

Am Evangelium seet de Jesus haut dräimol zu senge Jünger, si solle net fäerten. Virdrun huet hien hinne vun de Verfolgunge geschwat, déi si wéinst senger erleide mussen. D'Botschaft vu Fridden a Gerechtegkeet, déi op der Nächsteléift an der Verzeiung berout, trëfft op Widderstand, Gewalt a Verfolgungen. De Jesus seet awer zu senge Jünger si solle net fäerten, net well an der Welt alles gutt geet, mee well mir fir den Herrgott wäertvoll sinn, a well näischt vun deem, wat gutt ass, verluergeet. Mir sollen äis vun der Angscht net lämen loossen. Mir solle net fäerten, kritiséiert ze ginn oder Virdeeler ze verléieren, mee de Sënn vun eisem Liewen ze verléieren. Doranner läit déi eigentlech Gefor, virun der mir äis mussen an Uecht huelen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 20.06.2026** | | |
| Baastenduerf | 19:00 | Mass fir Pierre Gieres<br>a fir d'Famill Gieres-Reding a Weis-Berens |
| **Sonndeg, 21.06.2026** | | |
| Mierschent | 09:00 | Mass zu Éieren vun der Muttergottes |
| Houschent | 09:15 | Mass fir Phillippe a Valerie Wagener-Schuller |
| Housen | 10:30 | Mass als 4. Joermass fir Jean-Pierre Heiles,<br>Mass fir Helmut Paquet |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg, 22.06.2026** | | **Heiliger John Fisher,**<br>*Bischof von Rochester (+ 1535),*<br>**Heiliger Thomas Morus,**<br>*Lordkanzler, Märtyrer (+ 1535),*<br>**Heiliger Paulinus,** *Bischof von Nola (+ 431)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Mierschent | 18:45 | *Départ vum Cortège bei d'Kierch* |
| | 19:00 | **Te Deum** vun der Gemeng Pëtschent |
| Housen | 20:30 | *RDV bei der néier Gemeng (11, Op der Héi)* |
| | 20:45 | *Départ vum Cortège bis bei d'Kierch* |
| | *duerno* | Feierlechen **Te Deum**, *gesonge vun de Chorales réunies vun der Gemeng Parc Housen, Fakelzuch duerch Housen bis bei de Centre culturel* |
| **Dënsdeg, 23.06.2026** | | **Nationalfeierdag** |
| Veianen | 11:00 | *Départ vum Cortège bei der Gemeng* |
| | 11:15 | Féierlechen **Te Deum** fir d'Stad Veianen an der Trinitarierkierch |
| | 11:45 | *Cortège bis op d'Plaz „Vic. Abens"* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Mëttwoch, 24.06.2026** | | **Heilige Geburt Johannes des Täufers** |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Felix Eischen,<br>Mass fir Léon Petry |
| **Donneschdeg, 25.06.2026** | | |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Freideg, 26.06.2026** | | **Heiliger Josefmaria Escriva de Balaguer,**<br>*Priester (+ 444)* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |

# 13. Sonndeg am Joreskrees – A

***Kollekte: « Für die Kirchen in Osteuropa. »***

*1. Lies. 2 Kön 4, 8-11.14-16a:; 2.Lies.: Röm 6, 3-4.8-11; Ev.: Mt 10, 37-42*

***« Wien e Prophéit ophëlt, well et e Prophéit ass,***
***dee kritt engem Prophéit säi Loun. »*** *(Mt 10,41)*

Wien sinn déi Prophéiten, vun deenen de Jesus haut schwätzt an déi mir sollen ophuelen ? Hie mengt hei net déi Figuren aus der Vergaangenheet, déi säi Kommen an d'Welt virausgesot hunn. Hien méngt hei jiddereen vun äis. An eiser Daf hu mir alleguer d'Gow an d'Missioun vun der Prophezeiung kritt. Dofir kënne mir een deem aneren hëllefen, eis Zäit ënnert dem Handele vum Hellege Geescht ze liesen. Esou kënne mir dem Herrgott säi Plang fir eist Liewen erkennen an him entspriechen. Loosse mir dofir déi aner als Prophéiten, als Buete vum Herrgott ophuelen, jiddereen no senger Berufung, an der Famill, an der Par, an de Gemeinschaften, an der Kierch an an der Gesellschaft. Bei wichtegen Entscheedungen ass et gutt, ze bieden, den Hellege Geescht unzeruffen, awer och, op déi aner ze lauschteren an mat hinnen ze schwätzen. Esou entsteet e Klima vu Vertrauen, wou d'Mënschen sech wuel a wäertvoll fillen, a wou Konflikter kënne verhënnert oder geléist ginn.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 27.06.2026** | | **Heiliger Cyrill,** *Bischof von Alexandrien, Kirchenlehrer (+ 444)*<br>**Heilige Hemma von Gurk,**<br>*Stifterin von Gurk und Admont (+ 1045)* |
| Veianen-TK | 11:00 | **Daf** vum Nayara Pessao-Barros |
| Holztem | 12:00 | **Daf** vum Yann Rischard |
| Veianen-TK | 19:00 | Missa em Português |
| **Sonndeg, 28.06.2026** | | |
| Mierschent | 09:00 | Mass als 2. Joermass fir Marie Klemmer-Meier |
| Houschent | 09:15 | Mass als 2. Joermass fir Josy Schroeder,<br>als 3. Joermass fir Therese Schroeder-Dimmer<br>an Mass fir Nikela Schroeder |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg, 29.06.2026** | | **Heiliger Petrus und Heiliger Paulus,** *Apostel* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 30.06.2026** | | **Heiliger Otto,** *Bischof von Bamberg, erster Märtyrer der Stadt Rom, Glaubensbote (+ 1139);* **Die heiligen ersten Märtyrer der Stadt Rom** |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Mëttwoch, 01.07.2026** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir de Kardinol, de Weibëschof an de Generalvikar |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Donneschdeg, 02.07.2026** | | **Mariä Heimsuchung** |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Freideg, 03.07.2026** | | **Heiliger Thomas, Apostel** |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| Veianen-TK | 19:00 | **Firmungsmass** *duerno Receptioun an der Kierch* |

## 14. Sonndeg am Joreskrees – A

### Kiermes zu Branebuerg

*1. Lies.: Sach 9, 9-10; 2.Lies.: Röm 8, 9.11-13; Ev.: Mt 11, 25-30*

***« Ech krut vu mengem Papp alles uvertraut. Et erkennt keen de Jong, ausser dem Papp, an et erkennt keen de Papp, ausser dem Jong, an deemjéinegen, deem de Jong et bekannt maache wëllt. »*** *(Mt 11,27)*

Et herrscht eng grouss Vertrautheet, Verbonnenheet an Eenheet an der Hellegster Dräifaltegkeet. Et kennt een den aneren duerch an duerch. De Papp an de Jong wierken zesummen. Duerch de Jesus gi mir an dës Gemeinschaft vu Léift a Liewen mat abezunn. Hien weist äis säi Papp mat senger Léier a mat sengem Handelen zum Heel vun de Mënschen. Mee de Papp zitt äis och bei de Jesus a léisst äis hien erkennen a verstoen. Soe mir dem Herrgott Merci, datt hien äis sengem Jong Jesus uvertraut huet. Maache mir äis op fir dem Jesus seng frou Botschaft. Loosse mir äis vun him beschenken an iwwerraschen an enger Haltung vun Oppenheet a Vertrauen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 04.07.2026** | | **Heiliger Ulrich,** *Bischof von Augsburg (+ 973)*<br>**Heilige Elisabeth,**<br>*Königin von Portugal (+ 1336)* |
| Veianen-TK | 10:30 | **Daf** vum Victoria Malcharek Sousa |
| **Sonndeg, 05.07.2026** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass |
| Houschent | 09:15 | Mass als Joermass fir Mathilde Heirens |
| Branebuerg | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung gesonge vun der Chorale Colmar-Bierg,*<br>Mass fir Jean Weber<br>a fir Cathérine Steffen a Pierre Steffen |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass als Danksagung fir den 30. Hochzäitsdag vum Aneta a Marcin Wierzbickii |
| Veianen-TK | 16:00 | Concert Ad Libitum |
| **Méindeg, 06.07.2026** | | **Heilige Maria Goretti,**<br>*Jungfrau, Märtyrin (+ 1902)*<br>*keng Mass* |
| **Dënsdeg, 07.07.2026** | | **Heiliger Willibald,**<br>*Bischof von Eichstätt (+ 787)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir Claude Decet,<br>Mass fir André a Jacky Schmit,<br>Mass fir d'Famill Junker-Louis |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| **Mëttwoch, 08.07.2026** | | **Heiliger Kilian,** *Bischof von Würzburg und Gefährten, Märtyrer (+ 689)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass |
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |

**Donneschdeg, 09.07.2026 Heiliger Agustinus Zhao Rong,**
*Priester, und Gefährten, Märtyrer (+ 1815)*

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |
| Laaschent | 19:00 | Mass |

**Freideg, 10.07.2026** **Heiliger Knud,**
*König von Dänemark, Märtyrer (+ 1086)*
**Heiliger Erich,**
*König von Schweden, Märtyrer (+ 1160)*
**Heiliger Olaf,** *König von Norwegen (+ 1030)*

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 18:30 | Messe en français et en portugais |

## 15. Sonndeg am Joreskrees – A

*1. Lies.: Jes 55, 10-11; 2.Lies. öm 8, 18-23:; Ev.: Mt 13, 1-23*

***« Iech ass et ginn, d'Geheimnesser vum Himmelräich ze kennen, hinnen awer ass et net ginn… Glécklech är Aen, well se gesinn an är Oueren, well se héieren ! »*** *(Mt 13,11.16)*

D'Geheimnisser vum Himmelräich erkennen ass eng Gnod, e Geschenk, dat den Herrgott äis mécht. Mir mussen äis dofir opmaachen. Mir kënnen se net duerch eist Nodenken an eis Intelligenz eleng fannen. Jo, glécklech si mir, wa mir dem Herrgott seng Presenz a säi Wierken an eisem Liewen erkennen, wa säi Wuert äis beréiert a verwandelt. Da si mir gudde Buedem, op deem dee Som, deen hien séit, kann opgoen a vill Fruucht bréngen. Loosse mir äis net vun de Suergen an de Problemer, deene mir op eisem Wee begéinen, oflenke an decouragéiere loossen. Vertraue mir dem Herrgott an der Kraaft an der Fruchtbarkeet vu sengem Wuert. Da ka säi Räich ënnert äis wuessen a sech ausbreeden.

**Samschdeg, 11.07.2026** **Heiliger Benedikt von Nursia,**
*Vater des abendländischen Mönchstums, Schutzpatron Europas (+ 547)*

| | | |
|---|---|---|
| Baastenduerf | 18:00 | **Familljemass** als Ofschloss vum Katecheesjoer |
| Housen | 18:30 | Missa em Português |
| Wuelessen | 19:00 | Virowendmass |

**Sonndeg, 12.07.2026**

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 09:00 | Mass als Stg. fir d'Famill Winter-Kuffer |
| Mierschent | 09:00 | Mass op Meenung |

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| Houschter-Déckt | 15:30 | **Daf** vum Théo Toutsch |

# Hoffnung auf Vielfalt. Vielfalt macht Hoffnung.

Die Vielfalt feiern – diese Einladung hat viele Facetten: Politische, gesellschaftliche und kirchliche. Vielfalt – das können Menschen ganz unterschiedlicher Herkunft und unterschiedlicher Kultur sein, die zusammenleben und das Miteinander weiterentwickeln wollen. Vielfalt – das können Menschen unterschiedlicher sexueller Orientierung sein. Der Juni ist traditionell der „Pride Month“, der für Stolz, Toleranz und Selbstbewusstsein steht – und damit gegen Kriminalisierung, Stigmatisierung und Ausgrenzung kämpft. Vielfalt – das kann auch religiöse Vielfalt sein von Menschen unterschiedlicher Religionen wie auch von unterschiedlich glaubenden Menschen in einer gemeinsamen Kirche.

Wenn Katholiken ihrer Hoffnung auf Vielfalt mit einem Blumenteppich an Fronleichnam Ausdruck verleihen, wird darin der Glaube an Jesus spürbar, der ein Freund der Vielfalt und ein Gegner der Ausgrenzung war. Egal ob Zöllner oder Sünder, Pharisäer oder Fromme: Jesus grenzte niemanden aus. Und die Apostel in seiner Nachfolge auch nicht, sonst wäre das Christentum nie zu der weltumspannenden Gemeinschaft geworden, die sie heute ist. Die Kirche konnte nur auf allen Kontinenten, bei Männern und Frauen, Heiden und Juden, Sklaven und Freien wachsen, weil sie eine Kirche der Vielfalt war (und ist?). Ausgrenzung dagegen grenzt ein. Wer Vielfalt ablehnt, fördert die Eintönigkeit.



*Foto: Michael Tillmann*

## *Massbestellungen*

1. D'Massintentiounen mussen **fir d'éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d'Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefälltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d'Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d'**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## *Konten fir d'Iwwerweisungen vun de Massintentiounen*

D'Suen fir d'Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d'église communale de Vianden/ CGP n°6/Fe n°14:
Titulaire: « KIERCHEFONG/VIANDEN »
**Kont: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d'église communale de Parc Hosingen / CGP n°6/Fe n°12:
Titulaire: « KIERCHEFONG/PARC HOSINGEN »
**Kont: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d'église communale de Pütscheid / CGP n°6/Fe n°13:
Titulaire: « KIERCHEFONG/Merscheid/Vianden »
**Kont: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d'église communale de Tandel / CGP n°6/Fe n°15:
Titulaire: « KIERCHEFONG »
**Kont: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d'Begriefnisser an d'Hochzäiten kritt Dir eng demande d'offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d'Parkatechees:
Titulaire: « KIERCHEFONG C.T. / PARC OUR »
**Kont: BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

## Kontakt: parc-our@cathol.lu

**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
📞 83 41 13 / 621 14 72 25
📧 jeannot.gillen@cathol.lu

**Diego De Lima** – *Vicaire*
📞 661 26 20 62
📧 diego.delima@cathol.lu

**Jürgen Kusch** – *Diakon*
📞 621 19 98 22
📧 juergen.kusch@cathol.lu

***Communauté Obra de Maria:***
**Carlos Unterrichter de Melo** – *Padre*
📞 661262063
📧 carlos.unterrichter@cathol.lu

**Tarcio Araùjo Ramos** – *Padre*
📞 661617764
📧 tarcio.araujo@cathol.lu
Kräizgaass 16 – L-9807 Hosingen

Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***

***Parbüro Veianen –***
***Bureau paroissial à Vianden***
**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
📞 83 41 13
📧 parc-our@cathol.lu

| | | |
|---|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |

### *Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:*

24. Juni 2026 / parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Porbréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss*** |
|---|---|---|
| Nr. 05/2026 | 11.07.2026-13.09.2026 | 24.06.2026 |
| Nr. 06/2026 | 12.09.2026-25.10.2026 | 21.08.2026 |
| Nr. 07/2026 | 24.10.2026-29.11.2026 | 30.09.2026 |
| Nr. 08/2026 | 28.11.2026-24.01.2026 | 04.11.2026 |



# Harmonie Municipale Housen



## meets Walt Disney

ënnert der Direktioun vum
Marcel Richards

**Sonndes, den 21. Juni 2026**
**um 17:00 Auer**
**am Centre Culturel zu Housen**

Mat Optrëtt vum Jugendensemble

Syndicat d'Initiative et de Tourisme a.s.b.l. Fouhren

# Open Air Concert

mat der

## Baastenduerfer Musik

Mettwochs, den 8. Juli 2026 em 20 Auer

op der Bëttler Gare

*Fir lessen a Gedrénks ass gesuergt*





# An Evening Hymn

**Sakrale Musik aus dem 17. und 18. Jahrhundert**

## Ensemble AD LIBITUM

**Valerie Stammet, soprano**
**Jehanne Strepenne, violon - Ria Lucas flauto dolce**
**Rosch Mirkes, orgue**

**Dimanche, 5 juillet à 16h00 Eglise des Trinitaires, Vianden**

**Concert offert par la commune de Vianden - Entrée libre**

**Organisation: FESTIVAL ALTER MUSIK VIANDEN**

# CÉLÉBRATION DU SACREMENT DE LA

# *Confirmation*



*“Vous recevrez*
*la force*
*du Saint-Esprit*
*et vous serez*
*mes témoins.”*

Actes 1,8

**LE 03 JUILLET 2026**

**À 19H00**

**À L’ÉGLISE DES TRINITAIRES À VIANDEN**

*Toute notre communauté est invitée à participer à ce moment important dans la vie de nos jeunes.*